

CEO/GESCHÄFTSEMAIL BEDRUCH

CEO/Geschäftsemail Bedruch geschitt, wann en Employé deen d'Erlaabnes huet Iwwerweisungen ze maachen, dozou verleet gëtt, eng falsch Rechnung ze bezuelen oder eng onerlaabt Iwwerweisung vun engem Geschäftskont ze maachen.

WÉI FONCTIONNÉIERT DAT?

E Schwindler rífft un oder schéckt eng E-Mail a gëtt sech als eng héich gestallte Perséinlechkeet vun enger Gesellschaft aus (z.B. CEO oder CFO).

Hien huet gutt Kenntnes vun der Organisatioun.

Hien hätt gären eng dréngend Iwwerweisung.

Hie gebraucht Wieder wéi: 'Vertraulechkeet', 'D'Gesellschaft vertraut lech', 'Ech sinn am Moment net ze errechen'.



Oft ass et eng Ufro fir eng international Iwwerweisung ausserhalb vun Europa.

Den Employé iwwerweist Suen op e Kont, dee vun de Schwindler kontrolléiert gëtt.

Instruktiounen iwwert d'Virgoensweis kommen eventuell méi spéit iwwer eng Dréttpersoun oder per E-Mail.

Den Employé gëtt opgefuerdert, déi normal Autorisatiounsprozeduren z'iwwergoen.

Hie bezitt sech op eng sensibel Situatioun (z.B. Steierkontroll, Fusioun, Acquisitioun).

WAT SINN D'ZEECHEN?

- Ongefroten E-Mail / Telefonsuruff.
- Direkte Kontakt vun engem héich gestallte Mataarbechter, mat deem Dir normalerweis kee Kontakt hutt.
- Opfuerderung fir eng absolutt Confidentialitéit.
- Drock an eng Form vun Urgence.
- Ongewéinlech Ufro, déi géint déi intern Prozedure geet.
- Droungen oder ongewéinlecht Fléiwen/Versprieche vu Beloungung.

WAT KËNNT DIR MAACHEN?

ALS GESELLSCHAFT

Sidd lech iwwert d'Risikoe bewosst a vergewässert lech datt **d'Employéen informéiert sinn an och doriwwer Bescheid wëssen.**

Encouragéiert ärt Personal, **Ufroen fir Iwwerweisunge mat Virsicht ze genéissen.**

Féiert intern Prozesser iwwert Iwwerweisungen an.

Féiert Prozeduren an fir d'Legitimitéit vun den Iwwerweisungsfroen, déi per E-Mail era kommen ze verifiéieren.

Féiert Reportsroutinen an, fir e Bedruchsfall ze behandelen.

Kuckt d'Informatiounen no, déi op der Websäit vun ärer Entreprise stinn, a begrenzt **d'Informatiounen a sidd virsiichteg** wat d'sozial Medien ubelaangt.

Verbessert an aktualiséiert är techesch Sécherheet.



Kontaktéiert ëmmer d'Police am Fall vu Bedruchsversich, och wann Dir keen Affer gi sidd.

ALS EMPLOYÉ

Haalt lech genee un är Sécherheitsprozedure fir Iwwerweisungen an Opträg. **Iwwersprangt keng Etappen a loosst lech net ënner Drock setzen.**

Kontrolléiert ëmmer genee d'E-Mail Adressen, wann Dir mat sensiblen Informatiounen / Iwwerweisungen ze dinn hutt.

Am Zweiwelsfall bei engem Iwwerweisungsopttrag, **frot e kompetenten Aarbechtskolleg.**

Maacht ni verdächtig Linken oder Unhäng op, déi Dir per E-mail kritt. Passt speziell op, wann Dir är privat E-Mailen um Computer vun der Gesellschaft kuckt.

Limitéiert d'Informatiounen a sidd virsiichteg, wat d'sozial Medien ugeet.

Vermeit et, Informatiounen iwwert d'Hierarchie, d'Sécherheet oder d'Prozeduren vun der Gesellschaft ze deelen.



Wann Dir eng verdächtig E-Mail oder e verdächtigen Uruff kritt, da mell et ëmmer bei ärem Informatikdepartement.

#CyberScams